AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu

RCS Luxembourg : F4668

D'Amicale vum Escher Kolléisch aus dem LGE invitéiert lech häerzlech, op hir véiert Aktivitéit am Joer 2022, déi den **Donneschden, 20ten Oktober, um 19:30 Auer am CDI (Bibliothéik) vum Escher Jongelycée** stattfënnt:

Liesung vum Jean Back

Schréftsteller an Éierendirekter vum Centre national de l'audiovisuel vun Diddeleng (CNA)
mam Thema:

Inspiratioun, kuerz Nuechten an 'LGE for ever'

De Jean Back liest nei Texter grad ewéi Auszich aus folgende Wierker:

Amateur (ultimomondo) - Trakl Blues (Kremart) - Zalto Mortale (Kremart) - Kreuz und mehr (Editions Binsfeld) - l'Arc di Marianna (Editions Binsfeld)

De Jean Back gouf de 5ten Dezember 1953 zu Diddeleng gebuer. Nom Schoulofschloss am Escher Jongelycée huet hien als éischt am Familljeministère geschafft, duerno am Kulturministère. Vun 1989 bis 2016 huet hien de Centre national de l'audiovisuel zu Diddeleng (CNA) geleet. Am Joer 2003 huet e mam Roman **Wollekestol** en Hommage u seng Heemechtsstad a hir Stolindustrie geschriwwen. Verschidde Bicher sinn duerno editéiert ginn, dorënner **Amateur**, deen 2010 den **EUPL (European Prize of Literature)** gewonnen huet an zënterhier a siwe Sproochen iwwersat gouf. Hie krut 2018 de Präis vum Europäesche Parlament fir d'Kuerzgeschicht **Europäesch Wolleken**. 2019 krut hien de Kulturpräis vun der Stad Diddeleng zouerkannt.

De Schapp bei Wal (Editions Kremart) a l'Arc di Marianna (Editions Binsfeld) goufen allebéid 2020 publizéiert.

Aus organisatoresche Grënn biede mir lech, lech unzemelle per Mail op avek@avek.lu oder per Telefon am Sekretariat vum Escher Jongelycée op de 55 62 85-212 an eis matzedeelen zu wéivill der kommt. De Parking an déi ënneräerdeg Garage vum Escher Jongelycée am Gruef *(„rue du Fossé"*) sinn fir eis Memberen accessibel.

De Kommitee erënnert lech un säin **Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**, mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommitee seet lech Merci fir Är generéis Donen, déi Dir op de Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnt:

BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000